PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Mat der parlamentarescher Fro n°6200 wollt ech mech iwwert d'Unzuel vun de Protokoller renseignéieren, déi an de leschte 6 Méint u Vëlosfuerer ausgestallt goufen. Gläichzäiteg wollt ech mech och doriwwer renseignéieren, wéi vill Automobiliste géint den Artikel 125.08 (<1,5m beim Iwwerhuele vu Vëloen) vum Code de la Route verstouss hunn. Goufen an där Zäit 47 gebührepflichteg Verwarnungen u Vëlosfuerer ausgestallt, sou gouf am nämmlechten Zäitraum keen eenzegen Automobilist wéinst enger Infraktioun vum genannten Artikel penaliséiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Protokoller goufen an de leschte 6 Méint un Automobilisten ausgestallt, well se fir eng Infraktioun vis-à-vis vun engem Vëlosfuerer verantwortlech waren?
    - Wei vill Protokoller goufen an de leschte 6 Meint insgesamt un Automobilisten ausgestallt?

2. Em wéi eng Infraktiounen huet et sech dobäi gehandelt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député